



ÖCHER INFO





Inhaltsverzeichnis

Virwuert	5
Oochen – Kaiserstaat mat vill Charme	7
» Kultur	7
» Sport.....	11
» lessen an Drénken.....	12
Wunnen zu Oochen: Getting started	17
» Logement	17
» Transport	20
» Verschiddenes.....	22
Héischschoulen	25
» FH Aachen	25
» RWTH	26
» aner Héischschoulen	28
» Hochschulsport.....	29
AVL	31
» Akademischer Verein d'Lëtzebuenger	31
» Comité 2016	31
» Männerchouer	32
» Aktivitéiten	33
Wichteg Adressen	39
Impressum	42



Virwuert vum Président

Léif Schülerin, léiwe Schüler,

Du gees demnächst gär studéieren a frees dech firwat op Oochen? Du bass der sécher dass de wëlls op Oochen a frees dech wat et hei nieft der Uni nach gött? Du bass der onsécher wat's de alles brauchts, fir däi Studium gutt unzufänken?

Mat dëser Broschür probéiere mir der op dës a vill aner Froen eng Äntwert ze ginn an der en Abléck ze erméiglechen, wat et heescht zu Oochen an eiser schéiner Kaiserstaat ze studéieren an ze liewen.

Niewent wichtegen Informatiounen zum Studium, den Uni'en an den éischte Schrëtt zu Oochen (Wunneng, Transport etc.) wäerts du ausserdeem d'Méiglechkeet hunn, der e Bild ze maachen, wei d'Liewen als Student sou ausgesäit wann een net grad am Léieren ass.

Op eisen 2 groussen Héichschoulen (RWTH a FH) kann ee Studien an all Richtungen ufänken, woubäi di meescht natierlech fir di technesch Studiegäng op Oochen kommen.

Donieft huet Oochen awer och als Staat immens vill ze bidde wat's du séier wäerts erausfannen. Sou ass net nëmmen an der Pontstrooss owes vill lass mee och den AVL – de Cercle vun de Lëtzebuerger

Studenten zu Oochen – probéiert senge Memberen d'ganzt Joer iwwer mat Aktivitéiten a Soiréeën e gud-den Ausgläich zur Uni ze bidden.

Ech hoffen, dass de an dëser Broschür d'Äntworten op all deng Froe fënns an natierlech kanns du dech och gäre perséinlech un äis wenden, falls nach Froe sollten opbléiwen. Vill Spaass beim Liesen.

Steve Maller
Président AVL



Oochen – Kaiserstaat mat vill Charme

» Kultur

Oche

D'Staat Oochen huet an de verschiddene Sproochen uechter Europa vill verschidden Nimm. Theoretisch kéint Oochen sech als „Bad Aachen“ nenne loosse well et eng Kurstaat ass, géif dann awer an der Lëscht vun den Nimm net méi als éischt Staat do stoen ...

Duerfir ass d'Waasser an anere Sproochen awer trotzdem Bestanddeel vum Numm wéi z.B. am Italienschen (Aquisgrana) oder natierlech am Franséischen (Aix-la-Chapelle). D'Hollänner si mat „Aken“ och net wäit vum Original ewech an d'Lëtzebuerger soe „Oochen“, wat ganz no un den Öcher Platt eru kennt; d'Oochener selwer nennen hier Staat nämlech „Oche“.

Dräilännereck

Souwuel Köln, wéi och Maastricht a Léck leie jeeeweils keng Stonn mam Auto ewech vun Oochen. Dat ass och net verwonnerlech, schliisslech mecht Oochen als westlechste Groussstad vun Däitschland den Dräilännereck mat Holland an der Belsch. Et lount sech op alle Fall fir z.B. eng Kéier mam Vëlo op dës Platz ze fueren (iwwregens as et deen héchste Punkt an Holland). Eemol am Joer fueren hei och d'Coureuren am Amstel Gold Race laanscht.



Dom

Den Oochener Dom ass wuel dat Gebai, fir dat Oochen och no baussen hi scho laang bekannt ass. An dat net réicht säit 1978, dat Joer, an deem den Oochener Dom, zesumme mam Domschatz als eent vun deenen éischten 12 Bauwierker op der Welt an als éischt an Däitschland, an d'Lëscht vum UNESCO-Kulturerbe opgeholl gouf. 796 ass mam Bau vun der Kierch ugefaange ginn an och Joerhonnerten duerno ass se ëmmer ërem erweidert ginn. Hei wou de Karl de Grouss begriift läit stréimen Dag fir Dag eng sëllegen Touristen eran, déi dës imposant Kierch bewonnere wëllen.

Rathaus

Wann een um Katschhof steet gesäit een no Süden hin nach den Dom, wann een sech ëm-dréit huet een en net vill manner imposant Gebai virun Aen, d'Rathaus. Op den Iwwerreschter vun der Kaiserpfalz (dem Herrscherstetz vum Karl dem Groussen) ass d'Rathaus am 14. Joerhonnert gebaut ginn, de Granusturm vun der Pfalz ass erhalen bliwwen a gouf souguer um 14 Meter erhéicht. Vun der Maartplaz aus huet een en nach méi impressionnante Bléck op d'Gebai mat dem wonnerschöne Kréinungssall vu 45 op 19 m, wou fréier grouss Fester gefeiert goufen an hautzedaags nach ëmmer de Karlspräis verléint gëtt.





Alstad

D'Alstad vun Oochen ass virun allem den Zentrum ronderëm d'Maartplaz mat all de klengen, wonnerschéine Gaassen. E gudden Deel vun der Alstad ass ausserdeem Autofräi, wouduerch et sech net nëmme gemittlech duerch d'Stroosse mat ale Gebaier trëppele léisst, och d'Shoppen an engem vun de sëllege Butteker wäert fir vill Léit e wëllkommenen Zäitverdrëif sinn. Ëmmer erëm begéint een zu Oochen dann och Pëtz, déi bekanntste sécherlech de Karlsbrunne matzen op der Maartplaz, souwéi den Elisenbrunnen, d'Emblem vum Kurort Oochen, wou ee vum anscheinend gesonde schwefelhaltigem Waasser drénke kann. Klengen Tipp: Hal der d'Nues zou! Wann een dann op dat villt trëppele keng Loscht méi huet kann een an enger vun de villen Terrassen eng Taass Café oder e Béier genéissen.

Printen

Nee, dat huet näischt mat enger Dréckerei ze dinn, d'Oochener Printen ass eng Zort Liefkuch, déi scho säit bal 200 Joer zu Ooche gebak gëtt. Am Fong fir am Hierscht a Wanter geduecht, ginn se dach méttlerweil, och wéinst touristeschen Zwecker, d'ganz Joer iwwer produzéiert a verkaf. Nieft dem normale Gebrauch als Séissegkeet ginn se an der Oochener Géigend och dacks benotzt, fir Zoossen ze maachen.

Weihnachtsmarkt

Eng Platz, wou wuel mat di meeschte Printe verkaf ginn ass den Oochener Chrëschtmaart, dee Joer fir Joer ënnert di 3 bäscht Chrëschtmaert an Europa gewielt gëtt. Verdeelt op puer Platze fënnt een hei alles wat fir d'Chrëschtzäit gebrauch gëtt a mat enger toller Vue zwëschent Rathaus an Dom kann een och deen een oder anere Glühwäin genéissen.



Ponttor

D'Ponttor ass dowéinst sou bekannt, well et direkt um Enn vun der Pontstrooss (do wou d'Studenten owes erausginn) steet an een et sou ganz gutt vun dëser aus gesäit. D'Ponttor huet fréier zu där baussechter vun de Staatmauere gehéiert, déi laanscht den haitegem Alleenring gelaf ass. Di bannescht Mauer (Barbarossa-Mauer) ass laanscht de Graben (oder innerer Ring) vun haut verlaf, deen direkt virum Hauptgebai vun der RWTH laanscht geet.

Karlspreis

De Karlspreis ass nom, wéi kéint et anescht sinn, Karl dem Grousse benannt a gëtt zanter 1950 all Joers un ee verléint, dee sech kuerz gesot fir d'Eenheet an Europa ausgezeechent huet. Sou kruten an de läschte 65 Joer z.B. Perséinlechkeete wéi Konrad Adenauer, Robert Schuman, Kinnigin Beatrix, Angela Merkel oder Jean-Claude Juncker dëse Präis verléint. E goug awer och schonn un d'Lëtzebuerger Vollek, d'europäesch Kommissioun oder den Euro (jeeweils symbolesch natierlech) verléint. Den aktuelle Karlspreisträger ass de Pöpst Franziskus, deen de Präis awer ausnahmsweis net zu Oochen mee am Vatikan iwwerrecht krut.

» Sport



Alemannia Aachen

Nodeems d'Alemannia, de Fussballclub vun Oochen, am Joer 2009 e ganz néie Stadion, den Tivoli, krut ass et leider fir de Club aus finanzielle Grënn wéinst eben dësem Bau, sportlech net mei sou gutt gaangen an d'Equippe huet, nodeem se sech nach puer Joer an der zweeter Bundesliga hale konnt, de Gang an d'3. Liga an direkt d'Joer drop an d'Regionalliga missten untrieden, vill Fans hunn se awer nach ëmmer.

Tivoli

Den Tivoli mat sengen 32.960 Platzen ass ee vun de meeschtbesichte Stadien an der Regionalliga. De 7. Februar 2015 ass géint Rot-Weiss Essen souguer e Regionalligazuschauerrekord opgestallt ginn: 30.313 Zuschauer, souvill Leit passe mol net an d'Bundesligastadien vun Hoffenheim, Wolfsburg oder Leverkusen eran. D'Stëmmung bei der Alemannia ass deemno fir eng Regionalliga och ëmmer extrem gutt an e Besuch bei engem vun de Matcher lount sech genausou wéi ee beim traditionelle Weihnachtssingen um Tivoli.



CHIO Aachen :

Eemol am Joer ass zu Oochen de CHIO (Concours Hippique International Officiel), och nach „Weltfest des Pferdesports“ genannt. Hei kennt all Päerds- an Déierefrënn op seng Käschten, sief et fir d'Disziplinnen, Sprangen, Dressur, Voltigéiren, Vielseitegkeet oder Kutschfueren ze bestaunen. Déi spannendst Prüfung gëtt et wuel am Sprangen ze gesinn, nämlech dem groussen Präis vun Oochen! Oochen ass wierklech DEN Rendez-vous fir all grouss ambitionéierte Reider, net ëmsoss war eis schéi Staat schonn de Gastgeber vun enger Weltmeeschterschaft a 5 Europameeschterschaften.

Ladies in Black:

Och de Volleyball zu Oochen gëtt grouss geschriwwen, sou hu mir zum Beispill eng exzellent BundesligaFRAENmannschaft, d'Ladies in Black, déi säit 2008/2009 an der LIGA spillen. Hei ass et sécher derwäert deen een oder anere Match an den Hexenkessel an der Neuköllnerstrasse kucken ze goen an sech vun der kachender Atmosphär maträissen ze loosse.

» Iessen an Drénken

Am groussen ganze kann een zu Oochen iessen an drénke goe wat ee well. D'Offer ass risegrouss, wat natierlech domat zesummen hänkt, dass sou vill Studenten all Dag eppes fir an de Moo brauchen. Di meescht ginn entweder an d'Mensa, déi fir sie am nooste läit a vum Studierendenwerk bedriwwen gëtt oder bis an d'Pontstrooss wou eng Pizzeria sech un den nächsten Döner réiht.

Da ginn et awer och normal Restaurants zu Oochen, wou's de mol mat dengem Eltere kanns higoen, wann déi dech besiche kommen. Als Beispiller kann een hei an d'La Pampa (Steaks), d'Reuters House (mediterran), den Tandoori (indesch), de Petit Charlemagne (franséisch), de Kaiserwetter, d'Dinette (mediterran), den Al Triangolo, de Macaroni oder de Ratskeller. Hei och nach puer Insider-Tipps, déi's de als Lëtzebuerger einfach kenne muss:

Schwiegerpapa

Offiziell heescht dëse Café „König City“, bei den Däitsche gëtt e meeschtens „Köpi“ genannt a bei de Lëtzebuerger ass et einfach de Schwiegerpapa. Hei hänkt een net sou dacks wéi soss enzwech, mee wann dann ass et gewéinlech no 4 Auer an der Nuecht. Wann all di aner Caféë schonn zou hunn, ee selwer es awer nach net genuch huet oder einfach nach hongereg ass, kennt een am Holzgraben, direkt nieft dem McDo op seng Käschten. Op lo just eng Ficelle mat Moschtert, léiwer eng Gulaschzopp oder awer direkt en hallwe Poulet, bis ongeféier 5 Auer huet hei d'Kichen nach op, duerno kann een dann och nach bis 6 Auer setze bleiwen, ier se d'Diere fir 3 Stonnen zou maache fir ze botzen.

D'Mamm

Wa mer zu Oochen bei d'Mamm ginn da gëtt et och z'iessen. Hei gi mer zwar nach mat „Hallo“ begréisst, wann et un den Digestif geet, heescht et am „Polonia“ awer „Na zdrowie“. Di polnesch Kiche gefällt ville Lëtzebuerger Studente gutt an d'Personal ass ëmmer gutt gelaunt. Nieft normale Pizzaen, Schnitzel oder Gratin kritt een hei och speziell polnesch Saache wéi Pierogi, Bigos oder Placki. E Besuch lount sech, virun allem well et vum Hauptgebei vun der RWTH an dem Audimax mol keng 5 Minutte fort ass. A vergiess net alles z'iessen, well et ass wéi doheim, soss gëtt d'Mamm rosen!

Zu Hause

An dësem gemittleche Café kann een och ganz dacks lëtzebuerger Studenten untreffen. Et gesäit bannen effektiv aus wéi an enger Stuff an dofir füllt een sech direkt wuel. Dass hei ëmmer sou gutt besicht ass läit un der Villzuel u Saachen, déi een hei ka maachen. Nieft Gesellschaftsspiller a Bicher, déi jidderengem fir näischt zur Verfügung sti kann een hei och ëmmer Kicker spillen oder Sport op der Tele kucken. Op der Keelebunn kann een seng Kensch ënner Beweis stellen (mat Zäit reservéieren) an och soss gi regelméisseg flott Owender hei organiséiert.

Kaktus

Wann een Oochener vum Kaktus schwätzt menge vill Lëtzebuerger hei kéint ee wéi an der Heemecht akafe goen. Falsch! Sait méttlerweil 1991 ass dës Kultkneipe, wéi se sech selwer nennt, de Stammcafé vun de Lëtzebuerger. Nieft der Méiglechkeet fir den AVL, seng Soiréeën do reegelméisseg kennen z'organisieren, schätze mir natierlech virun allem de Lëtzebuerger Béier. Souguer 100 km vu Lëtzebuerg ewech kritt een hei an der Pontstrooss ëmmer e kalen (mol méi, mol manner) Dikkrecher an der 0,25-er Fläsch fir 1,70€. Den Norbert a säin Team wëssen dann och relativ séier wann een do ufänkt mat studéieren, ween Lëtzebuerger ass a ween net. Bei deene meeschte Kellner si mer awer nach ëmmer gäre gesinn, obwuel sech net ëmmer sou ganz gutt geschéckt gëtt. Bei Aktivitéite wéi der Soirée de Bienvenue platzt de Kaktus dann och aus allen Néit, wann iwwer 100 Lëtzebuerger de Café besetzen a fir di Däitsch selwer net méi ganz vill Platz iwwreg bléift.

Och wann de Kaktus zwar selwer keen lessen zerwéiert kann een sech säin lessen hei duerfir awer entweder vun der Finestra (Italiener) oder dem Pont Grill (Türk) vun niewendru bestellen oder et einfach selwer mat dohinner bréngen. Wann net grad e Fussballsmatch leeft gëtt gär mol en Owend laang gemeiert, wou de Verlëierer gewéinlech eng Ronn muss ausginn. („Meiern“ ass den Oochener Term fir d'Wirfespill „Schocken“ an ass net ze verwiessele mat „Mäxchen“ wat och heiansdo als „Meiern“ bezeechent gëtt).







GREENCODE



Raiffeisen
Naturellement ma banque

Tous les avantages Green Code de
0 à 26 ans sur www.greencode.lu



SOYEZ PRÊT POUR VOS ÉTUDES !

Prenez votre élan. Lancez-vous dans la vie et rejoignez la communauté Green Code 18-26 !

OPTEZ POUR GREEN CODE STUDY 18-26

Cartes bancaires gratuites, extraits mensuels gratuits, arrêtés de compte gratuits, application mobile avec Token LuxTrust gratuit, prêt étudiant et épargne à taux avantageux : Green Code 18-26 s'adapte à votre situation selon vos besoins et vos envies.

Wunnen zu Oochen: Getting started

» Logement

Wunnengssich

Als Student brauch een natierlech och seng Studentebud. Mir empfehlen net ze laang mat der Sich ze waarden, vue dass zu Oochen iwwer 55.000 Studierende sinn, wat 1/5 vun der Gesamtbevölkerung ausmëscht. Déi meescht Studierende wunnen hei an enger Wunnngemeinschaft, eng sougenannten WG. Dat ass nom Studentenwunnheem wuel och déi bëllegst Variant fir eng Ennerkonft ze fannen.

Hei sinn e puer Internetsäiten, wou's du relativ vill Annoncë fannen kanns.

(Am Beschten uruffen, well iwwer d'Mail äntweren d'Vermieter net esou oft, wéinst der grousser Nofro!)

www.immobilienscout24.de

www.wg-gesucht.de

<http://www.studenten-wg.de/>

<http://www.studenten-wohnung.de/>

<http://www.kalaydo.de/>

Et gëtt op der RWTH (am Audimax a Karmanauditorium) awer och en schwaarzt Briet wou ganz oft Annoncen hänken. Déi 2 Gebaier sinn direkt zentral an Oochen, net wäit weg vum Super C a vun der Pontstroß.

Am Beschten ass et, wann's de e puer Besichtigungsterminer mateneen ausméchs, well d'Wunnengen oft bei engem éischten Termin scho verginn sinn. Et ass och vu Virdeel, wann's de deng Eltere mathells, well oft eng Elternbürgschaft (eng Ofsécherung fir de Vermieter, falls du deng Miete net méi bezuele kanns) gefrot gëtt, déi kann een am Prinzip awer och méi spéit eréischt noreechn.

Du kanns dech och beim Studentenwierk mellen, fir Urecht op ee Studentenwunnheem ze kréien, hei ass et allerdéngs relativ schwéier, bei ze kommen. Hei hues de dann am Normalfall eng Wunneng vu plus/Minus 20-25 qm, wou een deemnowéi d'Kichen an d'Buedzemmer mat anere Studenten deelt, et kritt een ter awer och, wou een dat alles eenzel huet.

www.studierendenwerk-aachen.de

Et kann een sech och beim lëtzebuerger Educationnsministère mellen, deem hat deemools an de Bau vu Studentenwunnheemer zu Oochen investéiert, sou dass een Urecht fir 20 Studentebuden zu Oochen huet, wou een als Lëtzebuerger 1 Joer dra wunnen dierf. Des Wunnenge ginn allerdéngs nëmme bevorzugt un d'Lëtzebuerger, d.h. dass een net ëmmer eng Platz do kritt. Dës Wunnenge leien an der Rütscher Strooss 155, 175, 165 an 121 (zu Oochen als „Tierm“ bekannt) an an der Turmstrooss 1.

De Loyer zu Oochen leit tëscht 200 a 500 €, do hänkt et wéi uewe schon gesot, dovun of, op's du alleng wunns oder an enger WG, op am Studentenheem oder an enger Luxuswunneng. D'Lag vun der Wunneng spillt natierlech och eng Roll, sou kann een e bësse méi ausserhalb ganz bëlleg grouss Wunnenge fannen. Ween et e bësse méi zentral wëll, muss dann wuel méi déif an d'Täsch gräifen. Op allefall ass vir all Budget eppes dobäi! Mir wënschen dir bei der Wunnengssich vill Erfolleg an hoffen du fënns eng schéi Wunneng déi dir gutt gefällt!

Weieen Staddeel ass fir mech am Beschten?

Hei hänkt et natierlech dovun of, op's du op der RWTH oder op der FH studéiers. Déi meescht Studenten preferéieren eng no Lag zu hirer Uni, et ginn ter awer och eng Rei, déi am Pontviertel, Alstad wunnen, fir méi vum Nuetsliewe profitéieren ze kënnen. Allerdéngs ass Oochen eng relativ „kleng“ Stad, sou dass ee séier vun A op B kënnt. Mir ginn dofir jidderengem mat op de Wee: wann d'Wunneng dir gefällt, de Präis an der Rei ass, dann ass et egal a weiengem Staddeel's du wunns!

Internet/Fernseh/Telefon

All Student brauch natierlech Internet an dofir ginn et och genuch Méiglechkeeten. Et gëtt a präislecher Hisiicht eng grouss Auswiel un Méiglechkeeten. Déi eng hunn just Internet, anerer hunn Internet a Fernseh, oder souguer Internet, Fernseh an Haustelefon. Do muss natierlech jidderee vir sech selwer kucke wat e brauch. An ville Mietverträge ass z.B. och scho Kabelfernseh abegraff, sou dass de deen dann net mat ufroe muss! Am Beschte vergläichs de d'Präisser um Internet ënner: www.toptarif.de, www.check24.de oder ähnlechen.

Looss dir heibäi am Beschten net ze vill Zäit, well bei deene meeschte muss een tëscht 3 a 6 Woche fir d'Installatioun waarden!

Elektresch a Gas

Natierlech brauchst du och Stroum a waarmt Waasser an denger neier Wunneng, hei huet een och e puer Méiglechkeeten: déi meescht zu Oochen sinn allerdéngs bei der STAWAG, Stadtwerke vun Oochen. Du kanns dech awer och um Internet fir en anere Stroum- oder Gastarif informéieren!

Rundfunkbeitrag GEZ

Säit dem 1. Januar 2013 gëtt et d'GEZ (Gebühreneinzugszentrale) net méi an heescht elo Rundfunkbeitrag. Dobäi handelt et sech ëm en Beitrag fir déi ëffentlech rechtlech Sender (wéi ARD an ZDF) deen ee bezuele MUSS. All „Haushalt“ muss (onofhängeg dovun, wéi vill Leit an enger Wunneng liewen) pro Mount 17.98 € un déi nei GEZ bezuelen. Leider stellt dat fir vill Studenten, virun allem déi wou net an enger WG oder Studentenwunnheem wunnen, eng wieder finanziell Belaaschtung duer. Et ginn awer verschidden Ausnahmeregelungen, fir bestëmmte Gruppe vu Léit, dorënner och Studenten, fir sech kenne vun deem Beitrag befreien ze loosse.

D'ACEL huet et elo ee Virschlag erausginn, wéi een sech als Lëtzebuurger dovun befreie loosse kann (bis elo war dat nämlech net méiglech).

Wéi genau dat funktionéiert, kanns de op acel.lu/blog/ noliesen.

» Transport

Transport Lëtzebuerg-Oochen

Oochen läit net wäit ewech vu Lëtzebuerg, aus dem Süden em 2h30, aus dem Norden ass et just nach eppes méi wéi eng Stonn mam Auto. Net nëmmen dofir ass dësen och dat beléiftst Transportmëttel fir d'Lëtzebuerger fir sech zwëschent hiren 2 Heemechten hin an hier ze bewegen. Well wann een den Zuch well huelen, muss een iwwer Welkenraedt a Léck eriwuer op Lëtzebuerg, et ass een em di 12€+ lass an et brauch een deelweis eng Éiwegkeet; vun dem Trajet iwwer Köln mol net ze schwätzen, well dee wuel nach e gutt Stéckche mi deier gött.

Dat einfachst ass, op Facebook der Grupp „Matfuergellegeeheeten Letzebuerg/Oochen“ bäize-
trieden an ze profitéiere vun de ville Leit di all Weekend hin an hier fueren; an dat bei daitlech
manner Zäitverloscht an daitlech manner Käschten (gewéinlech 5€ fir een Trajet).

Wou muss ech lues maachen?

Am beschten natierlech iwwerall, mee mir hunn hei mol eng Oplëschtung vun de Radaren,
déi um Wee fir op Oochen an zréck stinn:

- Ausfahrt Ettelbréck – B7
- Lëppschent – N7
- Duersch – N7
- Kräiz Battice Richtung Verviers (E42)
- Eupener Straäße – Agang Oochen (B57)
- Turmstraäße (Alleenring) hannert der Bréck
- da ginn et um Alleenring nach Rotlichtkontrollen: um Kaiserplatz
Richtung Süden, Kräizung Wilhelmstr./Lothringerstr. Richtung Nor-
den, Kräizung Monheimsallee/Krefelderstr. Richtung Tivoli

Döst sinn d'Blëtzer di permanent stinn an déi op den Haaptachse sinn. Da kennen natierlech iwwerall och nach mobil Blëtzer stoen. Am beschten du hältst dech iwwerall un d'Vitesse, da geschitt och näischt.

Op www.blitzer.de fënns de eng Kaart mat all dëse Kontrollen an nach aneren.

Transport zu Oochen

Grundsätzlech kann een zu Oochen innerhalb vum Alleenring quasi alles zu Fouss oder mam Vélo erlee-
degen. Wann et dann awer mol mi wäit soll sinn (zum Beispill op ee vun de Campus'en di bëssen ausser-
halb leien), da kann ee vum Bus profitéieren.

Mat dengem Semesterbeitrag, deen's du fir d'Uni bezuele muss, kriss de ee Semesterticket geschéckt.
Deen kanns du fir den ëffentlechen Transport a ganz Nord-Rhein-Westfalen benotzen. Du brauchst dir
also keng weider Gedanken iwwer Bus- an Zuchtarifer ze maachen. Dësen Ticket ass ganz praktesch
wells de z.B. gratis op Köln, Münster, Düsseldorf, Dortmund, Mönchengladbach, Bonn asw. fuere kanns!
Och an dëse Stied kanns de däin Ticket benotze fir do mam Bus, Bunn asw ze fueren! Op www.aseag.de
oder www.avv.de fënns de all d'Informatiounen fir Oochen an d'Ëmgéigend, wann's de den Zuch op eng
aner Destinatioun wëlls huelen, kanns de der op www.bahn.de d'Pläng ukucken.

Umweltplack

Oochen huet wéi och vill aner däitsch Stied Umweltzonen ageriicht. Bis ee bestëmmte
Punkt kanns de ouni Ëmweltplack fueren, allerdéngs muss de fir bis an d'Stad eranzefueren
eng gréng Ëmweltplack hunn. Déi kanns de beim ACL fir 5 € kafen a muss just deng gro
Kaart vum Auto dobäi hunn.



Bewohnerparken

Wat maachen ech mat mengem Auto zu Oochen?

Mir roden all Student sech ee Bewohnerparkausweis maachen ze loosse. Dee kann een zesumme mat
der Umeldung am Einwohnermeldeamt ufroen. Döst kascht dech 30 € am Joer, an dann kanns de däin

Auto an engem bestëmmte Bezirk, deem dir zougedeelt gëtt, parken. Fir dat ze maache muss ären Auto awer leider entweder op een Elterendeel ugemellt sinn an net op lech selwer, oder den Auto muss an Däitschland ugemellt sinn.

Wann dat bei dir net méiglech ass ginn et awer ëmmer nach genuch Méiglechkeeten, eng gratis Parkplaz ze fannen, déi ass dann ebe just net virun denger Hausdier, jee nodeem wou's de wunns.

Op www.aachen.de fënns de eng Kaart wou d'Bewohnerparkzonen agezechent sinn. Do dierf een ouni dësen Ausweis net gratis parken. Ausserhalb ass dat awer kee Problem, sou fënnt een zum Beispill am Beräich vum Audimax bis erop bei d'Bauingenieursgebäi (Mies-van-der-Rohe-Straße) ëmmer iergendeng fräi Platz.

» Verschiddenes

Einwohnermeldeamt

Jiddereen, deem zu Oochen an eng Wunneng anzitt, muss innerhalb vun 2 Woche beim Einwohnermeldeamt passéieren. Hei hellt een sech am beschten e Rendez-Vous am Viraus oder et steet ee mat Zäiten op a steet scho virun der Dier wann se op maachen. Anerwäerts muss een sech mat méi oder manner laange Waardezäiten zefridde ginn.

Wann's du dech umells braucht de just deng Carte d'Identité a säit kuerzem och eng Wohnungsgeberbestätigung. Informéier dech hei am beschten op der Internetsäit vun der Staat Oochen a bei dengem Vermieter, deem der déi ausstelle muss.

Banken

Vir een däitsche Kont kënnen opzemaachen, muss de als éischt beim Einwohnermeldeamt ugemellt sinn. Vu Banken hues de am Beschten dech selwer bei hinnen ze ëmfroen an ze kucke wou's de am Beschten dovu kënns. D'Sparkasse huet z.B. ee gutt Angebot, wells de als Student keng Gebühren fir d'Ariichte vun dengem Konto hues an et relativ vill Spuerkees-Bankautomaten zu Oochen ginn.

Krankeversecherung

Duerch d'Sozialversécherungsofkommes tëscht Däitschland a Lëtzebuerg, muss ee keng Versécherung zu Oochen maachen, wann een an der CNS (caisse nationale de santé- d'Gesondheetskeess) ass. Allerdéngs brauch ee fir d'Immatriculatioun op der Uni eng Bestätegung, dass ee vun der gesetzlecher Krankeversécherung befreit ass. Sou eng Bestätegung kritt een op all gesetzlecher däitscher Krankekeess. Fir d'Bestätegung ze kréie brauch ee just eng Krankekeesskaart (Carte de la sécurité sociale), déi gülteg a ganz Europa ass. Eng Krankekeess wou een z.B. kann higoen ass d'AOK. (op der Maartplatz)



**SCHROEDER
& ASSOCIÉS**

1 bureau, 4 domaines d'activités, 270 collaborateurs !
1 équipe, 1 objectif : garantir la satisfaction du client
avec un service professionnel et de qualité !



De neien Zentrum vu Bartreng

Een Ingenieursprojet deen zur Referenz vun der ganzer Groussregioun gin ass.
Schroeder&Associés huet dese Projet realiséiert, vun der 1. Présentation publique 2009, iwert Workshops,
Chantier, bis zur Aweigung am September 2015. Lo, 1 Joer duerno ass de Bilan méi wéi positiv.



Fotoen: Giorgio Pedone

Héischschoulen

» FH Aachen

Mat iwwer 13.000 Studenten, 10 Fachbereichen, iwwer 70 Studiengäng, gehéiert d' FH Aachen mat den zwee Standuerter Aachen a Jülich zu de gréissten a wichtegste Fachhéischschoule vun Däitschland.

D'FH bitt de Studenten en ausgezeechente Studium, dee gutt op modern an zukunftsweisend Beruffer virbereet. Am Fokus steet eng modern Leier, déi sech virun allem op nei didaktesch Methoden, wéi och E-Learning baséiert. D'FH zielt drop eraus, fir eng vun de forschungsstärkste Fachhéischschoulen an Däitschland ze sinn.

D'FH bilt Fraen a Männer aus, déi an Entreprisë gär Verantwortung iwwerhuele wëllen a mat engem fuerchungsnoe Fach- a Methoudenwëssen, der Entwécklung vun der regionaler Wirtschaft hëllefen.

Besounnesch attraktiv ass och d'Zesummenaarbecht vu villen auslännesche Partnerhéischschoule mat der FH.

D'Umellung fir d'FH verleeft iwwer Hochschulstart. Méi Informatiounen fënns de op <https://www.fh-aachen.de/studium/>. Hei fënns de och d'genau Lëscht mat de verschidde Studiengäng.



FH AACHEN
UNIVERSITY OF APPLIED SCIENCES

» RWTH: (Rheinisch-Westfälische Technische Hochschule)

„Zukunft denken“.

D'RWTH gehéiert mat hiren 260 Instituter an 9 Fakultéiten zu de beschten europäesche Wëssenschafts- an Forschungsrichtungen. Am Wantersemester 2015/16 sinn 43.721 Studenten an 152 Studiengäng ageschriwwen, dovun 7904 international Studenten aus 125 verschiddene Länner. D'Studium zu Oochen ass virun allem praktesch-orientéiert. D'Absolventen an d'Absolventinne sinn dofir vill-gefrooten Nowues- a Féierungskräfte.

D'Studium un der RWTH garantéiert eng aktuell an innovativ Spëtzenfuerschung. Ee Markenzeche vun der RWTH as d'Interdisziplinaritéit an der Fuerschung an an der Léier. D'RWTH as eng Universitéit mat internationaler Vernetzung op héchstem Niveau a bitt de Studenten doduerch attraktiv Austauschméiglechkeete mat renomméierten auslännesche Partneruniversitéiten. D'Studium zu Oochen erméiglecht ee Liewen an enger schéiner Stad mat ville Fräizäitméiglechkeeten am Dräilännereck Däitschland-Belge-Holland.

Zentrale Studienberatung
Templergraben 83
52062 Aachen
Tel: 0049 241 8094050
Email: studienberatung@rwth-aachen.de
Internet: www.rwth-aachen.de

Informationen fir Studenten aus Lëtzebuerg:
Voraussetzung fir de BACHELOR-Studiegang:
- „Diplôme de fin d'études secondaires“
- Als Lëtzebuerger muss een eng däitschsproocheg Bildungsrichtung besicht

hunn, fir automatesch vun der DSH (Deutsche Sprachprüfung für Hochschulzugang) befreit ze sinn. D.h. sou vill wéi, den Däitschcours aus dem Lycée geet duer!

Bewerbung:

Vill Fächer op der RWTH hunn een NC (Numerus Clausus), d.h. se sinn zulassungsbeschränkt. Fir des Studiengang muss een sech also fristgerecht bewerben, jee no Studienwonsch direkt bei der RWTH oder iwwer Hochschulstart. Bei Fächer ouni NC, muss een sech net bewerben. Op däi Fach en NC huet oder net, fënns de op www.rwth-aachen.de/studienangebot. Hei fënns de och eraus, op's du iwwer Hochschulstart oder d'RWTH dech bewerbe muss.

Aschreiwung:

Wann deng Bewerbung ugeholl ginn ass, dann kanns de dech aschreiwe goen, pass hei och drop op, op ee SelfAssessment-Test gefrot ass oder ee Vorpraktikum.

Déi wichtegst Fächer:

Ingenieurswissenschaften:

Architektur, Bauingenieurwesen, Computational Engineering Science, Elektrotechnik, Informationstechnik und Technische Informatik, Maschinenbau, Materialwissenschaften, Mobilität und Verkehr, Rohstoffingenieurwesen, Umweltingenieurwissenschaften, Werkstoffingenieurwesen, Wirtschaftsingenieurwesen, Fachrichtungen, Bauingenieurwesen, Elektrische Energietechnik, Maschinenbau oder Werkstoff- und Prozesstechnik

Geistes-, Sozial- und Wirtschaftswissenschaften:

Betriebswirtschaftslehre, Gesellschaftswissenschaften, Literatur- und Sprachwissenschaft, Psychologie, Sprach- und Kommunikationswissenschaft, Technik-Kommunikation,
Geowissenschaften: Angewandte Geographie, Angewandte Geowissenschaften, Georessourcenmanagement
Mathematik/Informatik/Naturwissenschaften:
Biologie, Biotechnologie, Chemie, Informatik, Mathematik, Physik

» aner Héischschoulen

D'RWTH an d'FH si bei wäitem di bekanntsten an och meehtbesichten Héichschoulen zu Oochen. Et ginn awer och nach puer mi kleng Etablissementer, déi mir hei mol wëllen opzielen:

- KatHo NRW (kierchlech)
Um Standpunkt Oochen studéiere c.a. 1000 Leit am Fachberäich Sozial Aarbecht
[katho-nrw.de/aachen](http://www.katho-nrw.de/aachen) → www.katho-nrw.de/aachen
Hochschule für Musik und Tanz Köln (staatlech)
Och hei gëtt et rem e Standpunkt zu Oochen, deen 160 Studenten am Musek-Beräich beherbergt.
<http://www.hfmt-koeln.de/de/hochschule/aachen.html>
- FOM - Hochschule für Oekonomie und Management (privat)
Op der FOM ginn all d'Kueren owes ugebueden, fir d'Leit di schaffe ginn. Si ass mat insgesamt 32.000 Studenten di gréisst privat Héichschoul an Däitschland.
www.fom-aachen.de
- ABS – Aachen Business School (privat)

Am Beräich Management kann een op dëser privater Héichschoul studéieren, déi e Bildungspartner vun der CBS (Köln) ass.
www.abs-aachen.de
- Europäische Fachhochschule (EUFH)
Hei ginn haaptsächlech Wirtschaftsstudiegäng ugebueden, si ass an deem selwechte Gebai ennerbruecht wéi d'ABS, am Kapuzinerkarree.
www.eufh.de

» Hochschulsport

Den Hochschulsport zu Oochen huet dat zweet gréisst Angebot un Sportaktivitéiten an Däitschland (no Berlin). Hei fënns du genuch Méiglechkeeten, fir dech nieft dem Studium e bëssen ze beweegen oder fir no de Coursen ofzeschalten. Mat iwwer 90 Sportarten ass do fir all Mënsch, mat all Niveau, eppes dobäi. Déi meeschten Anlage fënns du um „Königshügel“, Saache wéi Waassersportarten, ginn dann ausserhalb vun Oochen, z.B. um Ruhrsee ugebueden. Weider Informatiounen an dat komplett Sportangebot fënns du ënner:

hochschulsport.rwth-aachen.de



DANS UN MONDE QUI CHANGE UN SOUTIEN FINANCIER FACILITE L'ACCÈS AUX ÉTUDES



PRÊT ÉTUDIANT JUSQU'À 12.650 €¹⁾

- + Retraits gratuits à l'étranger ²⁾
- + Garantie locative sans dépôt dans l'UE
- + Assurance gratuite pour l'étranger

En agence, au 42 42-2000 et sur startin.lu



**BGL
BNP PARIBAS**

La banque d'un monde qui change

» Akademischer Verein d'Lëtzebuerger

Den AVL ass schonn 1897 gegrënnt ginn, 27 Joer nodeems d'RWTH hier Dieren opgemaach huet. Um Ufank war den AVL eng Studenteverbindung, sou wéi een se am Fong an Däitschland kennt. Den AVL ass mat mëttlerweil jährelche Memberszuele vun eppes iwwer 100 e feste Bestanddeel fir vill lëtzebuerger Studenten an hirer Zäit zu Oochen. Nieft villen erhaalenen Traditiounen mëscht den AVL och ëmmer mol rem néi Aktivitéiten, fir sengen Memberen eppes ze bidden.

» Comité 2016

Président: Steve Maller

Studiengang : Betriebswirtschaftslehre

Vice-Président: Olivier Bormann

Studiengang: Mechatronik

Sekretärin: Annick Hoffmann

Studiengang: Betriebswirtschaftslehre

Trésorier: Jeff Medinger

Studiengang: Maschinenbau

Relations publiques: Filipe Rodrigues da Costa

Studiengang : Maschinenbau

Sportsminister: Pierre Forster

Studiengang: Architektur

Kulturminister: Pierre Duhr

Studiengang: Materialwëssenschaften

Kulturministesch: Carole Detampel

Studiengang: Bauingenieurwesen

Eventmanager: Gerard Gelz

Studiengang: Maschinenbau



Pierre Duhr, Jeff Medinger, Gerard Gelz, Olivier Bormann, Steve Maller, Carole Detampel, Filipe da Costa, Pierre Forster, Annick Hoffmann



» Männerchouer

Den Oochener Männerchouer gouf 1963 gegrënnt, deemools fir d'Lëtzebuerger Botschaft zu Köln beim Te Deum fir Nationalfeierdag ze ënnerstëtzen. Am Joer 1991 huet e lëtzebuerger Student dunne Lidd fir den AVL geschriwwen, wat de „typesche“ Verlaf vum Studenteliewen zu Oochen beschreift. De Männerchouer trefft sech regelméisseg fir zesummen ze singen, sief et einfach fir puer lëtzebuergesch a studentesch Lieder fir de Spaass ze singen oder méi serieus ze prouwen wéi z.B. fir e Chrëschtconcert, deen an de läschte Joere puer Mol zu Ettelbréck am Spidol gesongen ginn ass.

» Aktivitéiten

Hei ass dann eng bësse méi genau Beschreibung, wat den AVL vun Aktivitéiten ubitt.

Mir fänke mam Wantersemester un, well do déi meescht Leit hei zu Oochen ufänken:

Als éischt Aktivitéit hätt mer eis Soirée de Bienvenue, hei ass all Bleu agelueden, fir een éischten Abléck an de Cercle ze kréien. Hei spent de Cercle de ganzen Owend iwwer Fräibéier an eisem Stammcafé dem KAKTUS. Hei kanns du natierlech och direkt deng Memberskaart kafen, fir vum Fräibéier ze profitéieren. Zu méi spéiderer Stonn gëtt op de Bänken an Döschter gedantz, wéi och lëtzebuergesch Lieder gesongen.

Eis nächst Aktivitéit ass dann och schonn direkt d'STEE, wou's du als „SALE-Bleu“ ver-

steet ges. Ee gudder Student muss natierlech och gedeeft ginn, fir säi Studium richteg ufänken ze kennen. Déi „al“ Oochener steeën alleguer ee Bleu, deen dann z.B. emol fir hie kacht, am Géigenzuch suergt de Pätter oder d'Giedel dofir, dass de Bleu op senger Daf duerno gutt heemkënnt. Et muss ee keng Angscht hunn, et gëtt kee gebass, zudeem ass et eng super Occasioun fir nei Leit kennen ze léieren!

No der Stee kennt dann natierlech DAF! Am Prinzip fänkt déi am freien Owend un an dauert bis ongeféier Mëtternuecht, wou dann och de Roi an d'Reine des Bleus bestëmmt ginn. Iwwer d'DAF selwer dierfe mer natierlech näischt verroden. Bis elo huet nach jiddereen eis Daf iwwerlieft a bei dir wäert dat sécherlech och de Fall sinn! Et ass een Erleefnis, dat een net sou séier vergësst ;)

Den 11.11 heescht et dann och fir eis, moies frei an een iwwerfëllten Zuch ze klammen, fir op Köln an déi 5. Joreszäit erafeieren ze goen! D'Verkleedung dierf hei natierlech net ze kuerz kommen!

Mëtt November ass dann ëmmer d'Foire de l'étudiant, wou den AVL natierlech och net feelen dierf, fir d'Schüler iwwer d'Uni, d'Stad an d'Liewen zu Oochen ze informéieren.



Zu Oochen geet et dann och scho mat der Grand-Cru-Soirée am KAKTUS weider. Hei gëtt et de ganzen Owend laang Dikkrecher Grand-Cru ze drénken, wou een déi Fläschen dann sou schéi plopp loosse kann.

Duerno steet eise CAFESRALLY um Programm. Dësen ass DEN Rendez-vous am Wantersemester, an Ekippe geet een duerch Oochen a mëscht Spiller a beäntwert Froen an de Caféen. De Cafésrally ass gläichzäiteg eng Intercercle, wou d'Studenten aus anere Stied op Besuch komme fir ee flotten Owend mat eis ze verbréngen. Zum Schluss vum Owend gëtt dann d'Gewennerekipp bekannt ginn an d'Afterparty am Kaktus kann sou richteg lass goen.



Am Dezember kënn dann natierlech och de Kleesche bei eis brav Memberen. Deemno wéi gutt's du dech bis elo geschéckt has, kriss de dann och ee Boxemännchen, Kamellen an e Stéck Schockela vun eisem Engelchen. Déi béis Jonge kréien natierlech och eng Rutt vum Houseker. Duerno weise mer dem Klee-schen nach eis schéi Stad bis et duerno an de KAKTUS geet.

Duerno ass nach eis Glühweinsoirée zu Oochen. Hei gëtt et de ganzen Owend Glühwein MAT Schuss ze drénken. Een Owend deen et op kee Fall ze verpasse gelt, wann ee keng Loscht huet 3 € pro Glühwein um Krëschtmaart mussen ze bezuelen.

Dann hu mer zu Lëtzebuerg eis lescht AVL-Intern Aktivitéit, nämlech eis alljährlech Fier-kelsfriess. Hei gi mer zesummen an ee Café-Restaurant Keele spillen a loossen eis d'Fierkel gutt schmaachen. Dësen Owend gëtt meechems mat enger AFTERParty bei engem Member vum AVL ausklénge gelooss.

An der Chrëschtvakanz heescht et dann erëm TOURNOI DE NOEL, organiséiert vun der ACEL ze-summe mat der LASEL. Dëst ass een Event, dat ëmmer grouss am Kalenner vun all AVLER ass, schlisslech sinn dat 2 Deeg voll mat Spaass am an em de Sport. An den Disziplinne Volleyball, Basket a Fussball geet et drëms, déi bescht-méiglech Platz ze kréien. Hei gesäit een dann alle-guer d'Kollegen aus den aneren Unisstied, déi zesumme mat hirem Cercle deelhuelen. Op dësem Event dierfen d'AVL Ultras natierlech och net feelen, fir eis Ekippe bis zum Gewanne vum Tournoi ze encouragéieren. Nieft dem Sportlechen Deel, gëtt et och ee Prix de Consommation, fir dee Cercle, deen déi zwee Deeg am meeschte Konsuméiert huet. Den Erléis vum ganzen Tournoi gëtt duerno fir ee gudden Zweck gespent.

Dat neit Joer starte mir dann mat eiser Assemblée Générale. Hei dankt deen ale Comité of, an een neie gëtt gewielt. Duerno geet et natierlech erëm an de KAKTUS, wou den AVL Fräibéier gëtt. Hei ginn dann d'Stemmen ausgewäert an d'Chargen am Comité verdeelt. No dësem Event ass bësse Paus bis no de Klausuren.

Am Summersemester ukomm, geet et dann mam Tournoi de l'Ambassadeur lass. Dëst ass ee Fussballstournoi, deen tëscht den 3 belgen Cercle (Bréissel, Louvain a Léck) an eis ofgehele gëtt. D'Plaz wiesselt all Joer tëscht dëse Stied. Hei gëtt dann zum Schluss vum Dag och de Roi an d'Reine nationale gekréint (Duell tëscht de Roien a Reinen vun den eenzele Cercle). Dësen Dag ass mat ganz vill Spaass verbonnen, a bitt eng gutt Méiglechkeet, dech vun de Klausuren ze erhuelen.

Duerno geet et direkt sportlech weider mat eisem Staffellaaf vun Oochen an eng Gemeng zu Lëtzebuerg. De Staffellaaf dauert zwee Deeg laang, woubäi mer den éischten Dag ëmmer vum Rathaus bis op Housen lafen, wou mer den Owend mat enger Spaghettisfriess ausklénge loossen. Den zweeten Dag geet et dann frei lass, a mir lafen an eng Gemeng (an der Regel wou ee Comitésmember wunnt), wou mir dann mat engem Éierewäin empfaange ginn. Duerno grille mir nach gemitterlech zesummen an erhuelen eis vun eiser sportlecher Aktivitéit.

Als Erhuelung ass duerno eis Kulturrees, déi all Joer an eng aner Stad féiert. Destinatiounen wéi Hamburg, Amsterdam, Prag, Wien, Montpellier an Dublin stoungen scho mol um Programm. Hei stinn dann während e puer Deeg e gesonde Mix vu Kultur an Nuetsliewen um Programm. D'Kulturrees fënnt normalerweis ëmmer an der Exkursiounswoch statt (d'RWTH Schüler hunn dann Vakanz).

Enn Mee hu mer zesumme mat de Kölner Studenten ee Stand an der Stad um ING Marathon. Hei ass den Treffpunkt vun de Studenten déi de Laf kucken an d'Sportler uféiere wëllen.

Ufank Juni hu mer dann eis traditionellt Belgt Béierfest. Hei si mer an enger flotter Grillhütt am Bësch a kennen de ganzen Dag iwwer verschidden Zorte belge Béier schmaachen. Bei guddem Wieder gëtt

natierlech dobäi gegrillt, Beerpong oder mam Ball gespillt. Owes kann een dann nach an d'Stad zéie wann ee well.

Enn Juni, hu mer eis Ponttorfeier. Dëst ass DEN Datum am Summersemester. Alleguer an eisem Kostüm oder Rack gekleet treffe mer eis am freien Owend, fir mat der Table Ronde unzefänken. Hei kreien eis Sponsoren d'Geleeënheet, hir Firma virzestellen. Beim Walking Dinner duerno huet een d'Méiglechkeet an engem relaxe Kader, sech eng Stageplaz oder eventuell nom Studium och eng Aarbechtsplaz ze ergatteren. Hei gëtt et dann och lëtzebuerger Wäin ze drénken an nodeems de Männerchouer dat eent oder anert Lidd zum Beschte ginn huet, gëtt bis spéit an d'Nuecht gefeiert!





Iergendwann am Juni fënnt och ëmmer nach ee Fussballsmatch géint Anciène statt. Dëst ass ee ganz witzegen Dag, wou mir Jonker géint déi al Oochener spillen. Owes gëtt dann och zesumme gegrillt a Geschichten iwwe fréier an haut zu Oochen verzielt. An der Regel gewanne mir dee Match natierlech mat 10-0!

Mëtt Juli ass dann nach den ACELSbal, wou mir zesumme mat engem anere Cercle ëmmer ee Stand hunn an ee Cocktail/Longdrink oder Shot verkafen.

Als lescht Event virun de Klausure hu mer dann nach eist Grillfest. Dëst fënnt normalerweis bei de Studententierm an der Rütcher Strasse statt, wou een dann ee relaxen Owend nom léiere verbrénge kann.

Während dem ganze Summersemester hu mir vum AVL aus Mëttwochs ee Beachterrain reservéiert, wou mir dann owes all zesumme spille ginn. D'ganz Joer iwwer, gi mir och 1 mol d'Woch Fussball a Badminton spillen, wou's du natierlech och gär wëllkomm bass!

Zu Oochen am Cercle sinn d'Inter Cercle och ganz grouss geschriwwen. Mir sinn dee Cercle, deen am meeschten op auswäerts Inter Cercle vertrueden ass.

Inter Cercle wéi z.B. Den Ebbelwei-Express zu Frankfurt, Cafésrally zu Köln, d'Bonnympiade zu Bonn, de Beachvolleyball zu Kaiserslautern, Oktoberfest zu München, Lüxi rally Zu Tréier, fir ter nëmmen e puer ze nennen!

D'REEL steet natierlech och an all Kalenner vun den AVLer, hei gëtt während 4 Deeg iwwer politesch a studentesch Themen diskutéiert. D'REEL fënnt all Joer an enger aner Stad statt an ass ëmmer am Oktober. De Minister oder säi Verrieder sinn natierlech och ëmmer invitéiert, souwéi déi zuelreich Partenaire, déi sech och virstellen a wou een och duerno kann ee Stage sech ënnert de Nol rappen. Während deene 4 Deeg dierf natierlech de Spaass an dat kulturell net ze kuerz kommen, sou dass eng Partie Visite geplangt sinn an d'Owender ëmmer mat engem gudden lessen a Party ausklénge gelooss ginn. Kuerz a knapp, op d'REEL muss de op allefalls matgoen, fir nei Leit kennen ze leieren an d'Cercle-satmosphären sou richteg kennen ze léieren!

Mir hunn dir elo ee groussen Abléck an eis Aktivitéite ginn an hoffe mir konnten dech vun eiser schéiner Stad an eiser flotte Cercle begeeschteren. Langweileg ass et op allefall ni zu Oochen. Genau Informatiounen iwwer eis Aktivitéiten an de Cercle kriss du am Laf vum Semester iwwer eis Facebook Säit (AVL Lëtzebuerger Studenten zu Oochen) an op avl.lu.

Wann's de dech op der Uni ageschriwwen hues, dann kanns de dech och gär op www.avl.lu registréieren, fir
ëmmer um aktuellste Stand vun eise Soiréeën, Informatiounen vun aner Cercle an der ACEL ze sinn.
Op der Soirée de Bienvenue hues du ausserdeem d'Méiglechkeet, eng Memberskaart ze kafen !

Wichtig Adressen

RWTH Aachen University

Templergraben 55
52062 Aachen
www.rwth-aachen.de

FH Aachen

Bayernallee 11
52066 Aachen
www.fh-aachen.de

Noutruff

Pompjeeën : 112
Police : 110
An weider Nummern op :
<http://www.dastelefonbuch.de/>
Notfallrufnummern
www.google.de

Kaktus

Pontstrasse 121
52062 Aachen
www.kaktusaachen.de

Quellen

https://upload.wikimedia.org/wikipedia/commons/b/be/Aachen_Germany_Imperial-Cathedral-01.jpg
<http://img.fotocommunity.com/aachen-rathaus-b66354c4-c723-458b-9325-a0eb1e46216f.jpg?height=1080>
https://upload.wikimedia.org/wikipedia/commons/6/6f/Elisenbrunnen_Panorama.jpg
http://www.alemannia-aachen.de/cache/DSC_3359-jpg-094adfedf3b4e1904dc2a99878f62d2a.jpeg
[alemannia-aachen.de](http://www.alemannia-aachen.de)
<https://yt3.ggpht.com/-pcJ0YbyFUyY/AAAAAAAAAI/AAAAAAAAA/HsYpWiOxmGs/s100-c-k-no-mo-rj-c0xffffff/photo.jpg>
https://upload.wikimedia.org/wikipedia/commons/thumb/1/14/Umweltzone_rot,_gelb,_gr%C3%BCn_frei.svg/200px-Umweltzone_rot,_gelb,_gr%C3%BCn_frei.svg.png
https://upload.wikimedia.org/wikipedia/commons/thumb/1/14/Umweltzone_rot,_gelb,_gr%C3%BCn_frei.svg/200px-Umweltzone_rot,_gelb,_gr%C3%BCn_frei.svg.png
https://www.google.com/search?q=google+weiss+alles&biw=1366&bih=627&source=Inms&tbm=isch&sa=X&ved=0ahUKEwi52J2QxaXPAhVCuRQKHb2gAWAQ_AUIBigB#imgrc=p6TpeMJDxcDQXM%3A
https://www.google.com/search?q=hochschulsport+aachen&client=firefox-b-ab&biw=1366&bih=659&source=Inms&tbm=isch&sa=X&sqi=2&ved=0ahUKEwid7-au-tLPAhWCtRoKHSVZDMEQ_AUIBigB#imgrc=6ADmzl1bhTvXrM%3A





SPUERKEESS

Impressum

Editeur:

Akademischer Verein d'Lëtzebuerger

Site: www.avl.lu

E-Mail: comite@avl.lu

Facebooksät: AVL-Lëtzebuerger Studenten zu Oochen

Redakteren:

Steve Maller, Annick Hoffmann

Layout an Design:

PatNat Design

Site: www.patnatdesign.com





ACEL
de Studentevertrieder

WEE SI MIR?

ACEL – ASSOCIATION DES CERCLES D'ÉTUDIANTS LUXEMBOURGEOIS
GRÉISSTEN **STUDENTEVERTRIEDER** ZU LËTZEBUERG ZANTER 1984
STUDENTEVERTRIEDER VUN IWWER 40 STUDENTECERCLEN AN EUROPA

WAT MAACHE MIR?

MIR REGROUPÉIEREN | STUDENTEBAL, TOURNOI DE NOËL
MIR INFORMÉIEREN | STUDENT FIR EEN DAG, STUDIENINFOS
MIR REPRÉSENTÉIEREN | STUDENTE VERTRIEDEN

